**N° 4246**
Reçue le 10.05.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 10.05.2021

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Lëtzebuerg, den 10. Mee 2021

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung an un den Här Minister fir Energie weiderzeleeden:

*« Dat geplangte Wandrad tëscht Bierden a Waarken, um Territoire vun der Gemeng Ettelbréck, huet an de leschte Méint ëmmer nees fir Diskussioune gesuergt an ass op deels grousse Widderstand vu Bierger aus de concernéierte Gemenge gestouss.*

*An deem Kader wollt ech der Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung an dem Här Minister fir Energie folgend Froe stellen :*

- *Gouf et mëttlerweil en Austausch tëscht de Ministere mat de betraffe Bierger an hirer Vertriedung ?*
- *Wa jo, wat fir Konklusioune goufe bei där Geleeënheet gezunn? Gouf et och schonn eng Entrevue mat dem Schäfferot vun Ierpeldeng-Sauer ?*
- *Wou ass d'Geneemegungsprozedur vum geplangte Wandrad drun ? Fir wéini gëtt dermat gerechent, dass mat de Bauaarbechten ugefaange ka ginn ? »*

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Luxembourg, le 11 juin 2021

**Service central de législation**
**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec le Parlement**

**Objet :** Question parlementaire n°4246 – Réponse

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n°4246 tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

La Ministre de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Carole Dieschbourg

**Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung an dem Energieminister op d'parlamentaresch Fro n°4246 vum 10. Mee 2021 vum éierewäerten Députéierten Här André Bauler iwwert déi geplangte Wandturbinn zu Bierden a Waarken**

***Gouf et mëttlerweil en Austausch tëscht de Ministere mat de betraffe Bierger an hirer Vertriedung? Wa jo, wat fir Konklusioune goufe bei där Geleeënheet gezunn? Gouf et och schonn eng Entrevue mat dem Schäfferot vun Ierpeldeng-Sauer?***

Fir d'éischt sollt ee nach eng Kéier drun erënneren, dass dëse Projet kee staatleche Projet ass. Et ass ee Projet vun enger Privatgesellschaft (Wandpark Nordenergie S.A.) mat den Aktionären Soler, Nordenergie an de Gemengen Ettelbréck an Dikkrech. Dowéinst ass dem Staat seng Roll an dësem Dossier ze garantéieren dass wärend der Geneemegungsprozedur, beim Bau a beim Bedreiwe vun der Wandturbinn all d'Gesetzer agehale ginn, souwuel wat d'Consultatioun vun de Bierger betrëfft, wat de Naturschutz betrëfft, ewer och a virun allem wat d'Ëmwelt an domat de Mënsch betrëfft.

Wéi och schonns an der Äntwert op d'Fro n°2590 vum 27. Juli 2020 vun den honorabelen Deputéierten Här André Bauler an Här Gusty Graas gesot, wor den Dossier wéinst engem Formfeeler vun der Gemeng bei der éischter Kéier, nach eng Kéier an d'Enquête publique (Commodo-Gesetz) gaangen. Dat heescht, d'Bierger hate nach eemol d'Méiglechkeet, sech an d'Detailer vun der Demande anzeliesen an hier Observatiounen ofzeginn. Selbstverständlech bleiwen awer d'Observatiounen, déi am Kader vun der éischter Enquête publique gemaach goufe weiderhi valabel. Déi Observatioune ginn all considéréiert iert eng Commodo-Décisioun geholl gëtt.

Eisen Informatiounen no hat de Bauhär Reuniounen mat der Gemeng Ierpeldeng/Sauer a steet och der Vertriedung vun de Bierger zur Verfügung fir oppe Froën ze beäntweren. Et gouf bis elo keng Entrevue tëscht de Ministèren an dem Schäfferot vun der Gemeng Ierpeldeng/Sauer.

***Wou ass d'Geneemegungsprozedur vum geplangte Wandrad drun? Fir wéini gëtt dermat gerechent, dass mat de Bauaarbechten ugefaange ka ginn?***

Um Niveau vun der Geneemegung am **Naturschutzberäich** ass de Projet an der Prozedur. Et feelen awer nach Elementer fir dozou kënnen eng Decisioun ze huelen. Wann déi Elementer nogeliwwert ginn, kinnt eng Naturschutzgeneemegung mat enger Rei vu Conditiounen ausgestallt ginn.

Op **Gemengeniveau** muss natierlech och eng Baugeneemegung ausgestallt ginn. D'Regierung huet keng weider Informatiounen zum Stand vun dëser Prozedur.

Betreffend d'**Commodo-Gesetz** (Loi modifiée du 10 juin 1999 relative aux établissements classes), sou ass et am Moment - wou déi nei Enquête publique ofgeschloss ass - um fir d'Ëmwelt zoustännege Minister an um fir d'Aarbecht zoustännege Minister hir jeeweileg Decisioun ze huelen. Dës Decisioune betreffe souwuel de Bau vun der Wandturbinn, wéi och d'Exploitatioun dovun.

Wat den Ufank vun den eventuelle Bauaarbechte betrëfft, ka vu staatlecher Säit keng Ausso gemeet ginn. D'Regierung ass net Bauhär vun deem Projet. Mat de Bauaarbechten kann natierlech réischt ugefaange ginn, wann *all* néideg Geneemegunge virleien.